CERCLE BOULISTE ET CULTUREL
BELVAUX-METZERLACH a.s.b.l.
http://www.cbcbm.lu/

Bieles-Metzerlach, den 19. März 2021

Leif Koléegen,

Wou ech virun engem Joer mat grousser Freed an Enthusiasmus Präsidentschaft vum "CBCBM" iwwerholl hunn, wousst nach kéen direkt wat op ons als Gesellschaft, als Veräin, als Mënsch géif duerkommen.

De "Covid 19" huet ons duerchernéen gerëselt, paralyséiert, jo richteg zum Nodenken resp. geleeëntlech zum Verzweiwelen bruet. Och de „Cercle Bouliste et Culturel Belvaux-Metzerlach“ huet dat ze spieren kritt an deen een oder aneren a Persoun, huet de Virus agefaangen.

Als Pionéier wäert onsen Veräin agoen, vu que dass déi lescht Generalversammlung ganz am Ufank vun der Gesondheedskrisis schonns informatesch ofgehalen gouf. Et kann een mat Stolz a rouegem Gewëssen soen, dass de ganzen Veräin gutt informatesch opgestallt gin ass. Demgemäss war et ons och méiglech am permanenten Kontakt mat onsen Spiller a Memberen, an dëser net einfacher Zäit, ze bleiwen.

E Veräin mat mëttlerweil 611 Memberen, dovun 74 Kompetitiounsspiller, 265 lizenzéiert Fraizaitspiller an 272 Éierememberen, ass wéi eng riseg Famill, déi et ze geréieren gëlt. Obschonns guer keng Manifestatiounen resp. Pétanque-Concouren konnten ofgehalen gin, ass onsen Veräin weiderhin gewuess. Nei Läit hunn den Aspekt vun der Gesëllegkeet, dem Pétanquespillen, op onsem wonnerschéinen Site fonnt, a sin zu onsem Veräin gestouss. Während de schéinen sonnegen Deeg goufen am Duerchschnëtt eng 50 Läit dobaussen op eisen groussen Anlagen gezielt.

Nostoend Éierungen stinn an d‘Haus:

**30 Joer** lizenséierten Kompetitiounsspiller ass den **Léon Grassini** a **15 Joer** den Loisirsspiller **Gaston Lamberty**.

Doriwwer eraus gin awer och fir **15 trei Joren** zum Veräin den Jungels Roland, Kapweiler Aloyse, Kass Jos, Lorang Jean an Zarotti Angèle, geéiert.

**20 Joer** Member ass den **Krier Armand** an **25 Joer Traiheet** zum Veräin den Bacic Nedjo, Bley Thilly, Grassini Gino an Sassel Jeannot. **MERCI hinnen alleguer.**

Cercle Bouliste et Culturel Belvaux-Metzerlach a.s.b.l. RCSL N° F5283
Correspondance: John SCHLENTZ
81, rue Michel Rodange L-4482 Soleuvre
Email: cbcbm@pt.lu
Compte bancaire : BGL BNP PARIBAS LU55 0030 2538 9176 0000

Am Laf vum Joer hunn awer och ëtlech Läit, sief et Éierememberen an och zulescht en laangjähregen, exemplareschen Spiller a Mënsch den **Robert Specchio** eis Welt verlooss. Mä wäerten Si ni vergiessen a soen hinnen MERCI fir dat, wat Sie fir onsen Verain gemaach hunn.

Manner schéin sinn déi Momenter wou ons Installatiounen vun Vandalen, an Abriecher degradéiert goufen. Am Laf vum leschten Joer, an ewéi d'lescht Woch, gouf 5 Mol op onsem Site agebrach. Eng Entrevue mat de Gemengeverantwortlechen huet stattfonnt, mee weider Mesuren drängen sech op.

E groussen MERCI gëlt vun dëser Platz awer dem Suessemer Gemengerot mat sämtlechen **Zervisser.** An dësem Krisejoer hunn Sie nach mei ewéi soss den Veräiner ënner d'Äerm gegraff, wat bemierkenswäert ass. Doriwwer eraus verschéineren Sie och duerch hir alldeeglech Aarbechten onsen Site, bref de ganzen Quartier. MERCI.

An desen schwéieren Zäiten, wou den normalen alldeeglechen Kontakt net konnt stattfannen, hu mer probéiert, sief et duerch Telefonater, Krankebesich, Verschécken vun Messagen, vun enger permanenter "mise à jour " vun eisem "Internetsite **www.cbcbm.lu** , de gréisstméiglechen Kontakt mat eiser grousser Members-Famill ze behalen, a kéen am Réen stoen ze loossen.

Esou ass och Hand an Hand mam Supporterclub, déen de Veräin permanent finanziell stäipt, wéi zb. mat der Uschafung vun "Casquetten", Uniformen asw. zesummegeschafft gin. Rénovatiounsaarbechten, esouwéi nei Projet'en konnten och an d'Aen gefaast gin.

Eng weider finanziell Stäip sinn ons Sponsoren, déi un ons, onsen Veräin gleewen, an deem Sie hiert Vertrauen schenken. An demZesummenhang konnt en neien Kontrakt mat der Firma "**Mathey Mazout"** ofgeschloss gin. Loosse mer als Veräinsmemberen och Sie ënnerstëtzen andeems mer bei hinnen kafen.

Bis mär erem Kompétitiounen an Manifestatiounen kënnen oofhalen, schafft onsen Komitee awer alldeeglech mat Kraaft an Dynamik weider, a kuckt voller Zouversiicht an Zukunft.

Spiller kënnen dobaussen, am Respekt mat den néidegen hygieneschen an reglementareschen Mesuren, momentan weiderspillen an trainéieren, esou dass "Liewensfreed mat der Pétanque" erhalen bleift.

CERCLE BOULISTE ET CULTUREL
BELVAUX-METZERLACH a.s.b.l.
http://www.cbcbm.lu/

E Papp  soot enges Daags zu sengem Jong:

**"Les boules, c'est comme les femmes, quand elles te sourient, il faut y aller. Si tu attends, il sera toujours trop tard."**

E groussen MERCI mengem Komitee a sämtlechen Akteuren hannert den Koulissen.

Patrick Majerus,

Präsident

Nos sponsors :

http://taverneboulevue.lu/ www.kiffer-impress.lu www.elsahome.lu www.mathey-mazout-luxembourg.lu